LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°1901 du 6 février 2025 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet de l'obligation de participation aux enquêtes du STATEC**

Mat Informatiounen a Sensibilisatioun zu sengen Enquêten, an de Statistiken a Resultater déi doraus entstinn, versicht de STATEC d'Participatioun un den Enquêten héich ze halen an d'Leit ze motivéieren un den Ufroen deelzehuelen. Dëst zum Beispill andeems op d'Wichtegkeet vun den Ëmfroen higewise gëtt an duergeluecht gëtt wéi d'Deelhuelen un den Ëmfroen et erlaabt representativ a fiabel Statistike fir d'Land ze produzéieren. Dëse Message vermëttelt de STATEC op senge soziale Medien, an d'Mataarbechter erklären dëst de Leit déi de STATEC mat Froen zu der Participatioun un den Ëmfroe kontaktéieren.

Et ass aktuell net virgesinn d'Gesetzgebung an deem Kontext ze änneren. Zanter 2011 si keng Sanktioune géint Privatleit geholl ginn déi hirer Flicht un dem Ëmfroe vum STATEC deelzehuelen net nokomm sinn.

Luxembourg, le 25/02/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles